ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 5. August 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Am Kader vun der COVID-19-Pandemie ass zu Lëtzebuerg de System vum analogen Tracing agefouert ginn. An deem Kontext ass mir rezent e Virfall zougedroe ginn, dee vill Froen opwerft an desweideren d'Effizienz vum Tracing a Fro stellt:

Rezent gouf eng Firma vum Tracing-System kontaktéiert, fir ze informéieren, datt zwee Deeg virdrun eng Persoun, déi am Kontakt mat der genannter Firma stoung, positiv op de COVID-19-Virus getest gouf. Fir déi néideg Sécherheetsdispositiounen op eng transparent Manéier kënnen ze applizéieren, wollt dee betreffende Betrib gewuer ginn, ëm wien et sech bei dëser Persoun handelt – e Virgoen, wat am Hibléck op d'Gesondheet vun de Matmënschen néideg an desweidere virgeschriwwen ass. Dëst war awer net méiglech, well déi betreffend Persoun anonym bleiwe wollt.

An deem Kontext géif ech der Madamm Ministerin gären dës Froe stellen:

1. An der Onméiglechkeet am uewe genannte Fall déi néideg Sécherheetsdispositiounen ze applizéieren: Wéi soll e Betrib konkret virgoen, wann dësen informéiert gëtt, datt eng Persoun, déi positiv op de COVID-19 getest gouf an déi an hire Raimlechkeet verkéiert huet, anonym bleiwe wëll?
2. Musse sech an deem Fall all Persounen teste loossen, déi deen Dag an der Raimlechkeete vum Betrib zirkuléiert sinn, wuelwëssend, datt an deem Fall besonnesch a gréissere Betriber eng enorm Zuel u Persounen zesummekënnt, déi just nach schwéier bis onméiglech ze geréieren ass?
3. Vill Betriber hunn am Kader vun der COVID-19-Pandemie aus Sécherheetsgrënn e Schichtesystem agefouert, fir esou eng méiglech Ustiechungsgefor ze reduzéieren. Desweideren ass och a munche Betriber – aus deem selwechte Grond – eng Präsenzkontroll agefouert ginn. Ass an den Ae vun der Madamm Minister dës sënnvoll Trennung no Schichten an d'Aféiere vun enger Präsenzkontroll net och, zumindest zum Deel, hifälleg, wann den Tracing-System am Hibléck op déi gewënschten Anonymitéit vun der jeeweileger Persoun net matdeele kann an/oder däerf, zu wat fir engem Zäitpunkt sech dës Persoun am Betrib opgehalen huet?

4. Ass an den Ae vun der Madamm Ministerin net de gesamte System vum analogen Tracing hifälleg, wann am Hibléck op eng gewënschten Anonymitéit vun enger positiv getester Persoun den Tracing net méi effizient funktionéiere kann? Si mir dann an den Ae vun der Madamm Ministerin net an enger Situatioun, wou dem Bierger duerch den analogen Tracing eng falsch Sécherheet virgegaukelt gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten